



KETTEBRÉIF, FIR BIBER



Léiwe Biber

Am Moment feelen dir bestëmmt net nëmmen d'Versammlungen, mee besonnesch och deng Frënn mat deenen's du all Woch flott Saachen erliefst. Fir dass du mat denger Biberfamill a Kontakt bleiwe kanns hu mir eis eng Kettebréifaktioun iwwerluecht.

Wat s du brauchs


- 1 DIN A4 Blat
- Faarwen
- 1 Enveloppe
- eventuell 1 Timber

Wat s de elo maache muss

Elo kanns du däi Blat a véier deelen esou wéi et op der éischter Foto gewisen ass. Déi éischt Këscht ass fir dech. Hei kanns du eppes molen, schreiwen oder einfach eng Foto déi dir gefällt dohi pechen. Vergiess net däin Numm drënnen ze schreiwen! Sich dir elo ee Frënd oder eng Frëndin aus dengem Grupp eraus deem's du d'Bild weiderschécke wëlls. Beim Spadséiere kanns du d'Enveloppe an eng Bréifkëscht vun der Post oder direkt bei dengem Frënd ageheien. Däin Kollege mécht elo dat selwecht an der zweeter Këscht vum Bild a schéckt et weider. Wann d'Bild fäerdeg ass kriss du et vun deem véierte Kand erëm Heem geschéckt. Fir sécher ze sinn, dass däi Kollege och weess, wat en mam Bréif maache soll, lees de him am beschten eng kleng Erklärung dobäi.

Vill Spaass beim Bréiwer verschécken!

1.



2.



3.



4.



5.

